N°7264
Entrée le 30.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 01.12.2022

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 30. November 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Eng nohalteg Landwirtschaft muss déi 2 Saile vun der Nohaltegkeet, der Ökologie, der Ekonomie an dem Sozialem gläich gewiichten. Fir den Ëmwelt- a Klimaschutz an deem Sënn méi attraktiv ze maachen, hat d'CSV an der Aktualitéitsstonn vum 16. Mäerz zum Thema d'Liewensmëttelversuergung a Krisenzäiten de Minister op eng Steierbefreiung vun den Agrarëmweltprimmen ugeschwat. Den Här Minister hat dorobber geäntwert, datt d'Regierung dat undiskutéiert hätt, a wann et géif Sënn erginn, géifen si et och maachen. Allerdéngs misst dofir Gesetzgebung zu de Finanzen ugepasst ginn. An deem Kontext wollt ech folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister stellen.

- Huet d'Regierung d'Méiglechkeet fir eng Steierbefreiung vun den Agrarëmweltprimmen analyséiert, fir esou een zousätzlechen Ureiz fir des Mesuren ze schafen?
    - Wa jo, wäert d'Regierung eng Steierbefreiung vun den Agrarëmweltprimmen decidéieren?
    - Ab wéini wäert déi Mesure gräifen?
    - Wa nee, aus wat fir Grënn huet d'Regierung des Mesure verworf?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Martine Hansen, Deputéiert**

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung a vun der Finanzministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7264 vun der éierbarer Deputéiert Martine Hansen**

**Huet d'Regierung d'Méiglechkeet fir eng Steierbefreiung vun den Agrarëmweltprimmen analyséiert, fir esou een zousätzlechen Ureiz fir dës Mesuren ze schafen?**

- **Wa jo, wäert d'Regierung eng Steierbefreiung vun den Agrarëmweltprimmen decidéieren?**
- **Ab wéini wäert déi Mesure gräifen?**
- **Wa nee, aus wat fir Grënn huet d'Regierung des Mesure verworf?**

D'Propose vun der CSV ass, sou wéi ech dat gesot hunn, genau analyséiert ginn. Souwuel d'Ecoscheeme wéi och d'Agrarëmweltmoossname stelle laut den EU-Texter eng Kompensatioun vun Zousazkäschte resp. Revenusausfäll duer. Se sinn deemno als Bestanddeel vum Revenu ze consideréieren an och sou steierlech ze handhaben.

Lëtzebuerg, den 23. Dezember 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung

(s.) Claude Haagen